



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Mobilité  
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8251 vum 23. August 2023 vun der Madamm Deputéiert Diane Adehm an vun der Madamm Deputéiert Martine Hansen.**

*Aus wéi enge Grënn gëtt an deenen Tunnelle wou aktuell Aarbechte stattfanne net vum Chantier, respektiv der Spärung profitéiert, fir anengems d'Maintenance- a Botzaarbechten ze maachen?*

D'Aarbechten am Tunnel Gousselerbiërg waren Aarbechten déi iwwert de Kader vun den normale Maintenancen erausgaange sinn. D'Aarbechten si méttlerweil ofgeschloss an hu vum 14. Juli bis den 12. September 2023 gedauert.

Parallel zu all deenen Aarbechten, déi während dëser Period gemaach goufen, ewéi och schonn a menger Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 8236 vum Här Deputéierten André Bauler beschriwwen, gouf och vun der Spärung profitéiert fir d'Maintenance vum Tunnel Gousselerbiërg, déi vum 11. bis den 12. September 2023 geplangt war, matzemaachen.

Lëtzebuërg, den 4. Oktober 2023

De Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch